# Ofschafung vun der Monarchie an déi nei Gréngzongekrankheet

## Ried vum Robert Garcia zu 25 Joer Déi Gréng

*Well de* forum *scho säit 25 Joer zu de Begleeder vun Déi Gréng, mol mat engem Fouss am Sympathisantesumpf, mol als kriteschen Nostradamus, gehéiert, drécke mer Extraiten aus der Festried vum Robert Garcia (Roga) bei der Séance académique vum 6. Juni an der Abtei Neimënster. Déi komplett Ried kann een um Site www.greng.lu lauschteren oder liesen.*

**[…] War et eigentlech eng esou gutt Iddi, deemools eng gréng Partei ze grënnen, wou se nach keng soziologesch Basis hat?**

Opgrond vun den dausendjähregen Erfahrungen mat falschen a verierte Prophéiten, huet ee schonns missen e bëssche virsiichteg sinn, wann an den 80er Joren eng nei Generatioun vu Weltretter opgetratt ass, fir eng nei Heilsbotschaft ënnert d'Vollek ze bréngen. Mat deem néidege Pathos an enger onhomäopathescher Dosis Weltënnergangsstëmmung, versteet sech. Zitat aus der Preambel zum Wahlprogramm vun 1984: *„Wir leben in einer Welt der Gewalt und der Zerstörung. In seinem scheinbar grenzenlosen Streben nach mehr Produktion, mehr Reichtum, mehr Aufrüstung, mehr Macht untergräbt der Mensch seine eigenen Lebensgrundlagen. Die unendliche Produktionssteigerung, der blinde Fortschrittsglaube führen zur ökologischen Weltkrise: bereits jetzt verknappen sich die Rohstoffe, Giftskandal reiht sich an Giftskandal, Tiergattungen werden ausgerottet, Pflanzenarten sterben aus, Flüsse und Weltmeere verwandeln sich in Kloaken."*

**Wat ass dann elo aus deenen idealistesche Glawensbekenntnisser no 25 Joer ginn?**

No engem weideren Tsunami un Horrorszenarien, dee Jonk an Al, Fraen a Männer, Einheimischer a Friemaarbechter matrappt, kënnt den Text zur rettender Conclusioun: *„Selbst wenn Krieg und Massenarbeitslosigkeit, Verseuchung, Rohstoffmangel und Energieknappheit dem gigantischen Produktionsstreben kein Ende setzen würden, könnten mehr Geld, mehr Maschinen, mehr Konsum uns bewusstes Handeln und Selbstbestimmung nicht ersetzen."* (Wahlprogramm Liewen a Fridden 1984)

Um Plakat vum Grënnungskongress vum 23. Juni 1983 huet et geheescht: „Et ass 5 fir 12", mam Bild vun engem Wecker dee rabbelt. An déi Aussiicht op en Armageddon huet sech jorzéngtelaang duerch d'Statements vu Gréng Alternativ, GLEI, GLEI-GAP, Déi Gréng gezunn. Vum Verkéierskollaps ouni Tram iwwert d'Bedréiung vun der Mënschheet duerch Borkenkäfer, Cruise Missiles an Amalgam, bis hin zum Klonen vun Dolly-Schof a grénge Béck. [...]

Déi Gréng als politesch-spirituell Weltënnergangssekt? Oder éischter eng verkappte „Fünfte Kolonne" vum Weltkommunismus? Wéi huet d'*Lëtzebuerger Wort* gemengt, fräi aus der Erënne-

*De Robert Garcia ass Grënnungsmember vun der Partei, ehemolegen Deputéierten, Ex-Koordinator vum Kulturjoer 2007 an aktuellen Direkter vun de CarréRotondes.*

rung zitéiert: „Da sind sie wieder, die kommunistischen Wölfe im grünen Schafspelz“ oder sou ähnlech… Dat war am Juni 1983, wéi ausgerechent um Nationalfeierdag gréng, subversiv a republikanesch gesënnte Chaoten eng nei Partei mat vill Sang a Klang gedeeft hunn. [...]

D'Analysten hirersäits hu sech säit 25 Joer schwéier mam grénge Phänomen gedoen. 1983 huet et aus der Fieder vun engem politeschen Auditeur am *forum* geheescht: *„Mir scheint, die Parteigründer haben ihren Meister Karl Marx auch nicht genau genug gelesen. Wo sind nämlich die neuen ökonomischen Bedingungen, die eine neue soziologische Basis für eine neue politische Partei hervorgebracht hätten?“* (*forum* Nr. 61, 29.1.1983).

An de Chronist Michel Pauly leet nach eng radikal Schëpp bei seng Skepsis bäi: *„Eher könnte ich mir ein linkes Wahlbündnis von KPL über PSI und LCR bis hin zu einigen frei schwebenden Sozialisten und Grünen, wenn nicht sogar linkeren (ex)-LSAP-Genossen vorstellen. Ob der nun publike Weg einer neuen Parteigründung dazu aber der taktisch klügste war, darf ich bezweifeln.“*

2008 huet sech bei deemselweschten Analyst Skepsis no 25 Joer hartnäckeg gehal: *„Werden die Grünen den positiven Trend von 2004 bis zu den Landeswahlen 2009 halten können? Wort- und Tageblatt-Umfragen lassen Zweifel bei den Wählern und erste Anzeichen einer Machtkorrosion erkennen.“* (*forum* Nr. 273, Februar 2008) [...]

## Hunn déi fënnef Grondprinzipien vun 1983 nach Bestand?

Mat véier Grondprinzipien – basisdemokratesch, gewaltfräi, ökologesch a sozial – ass déi gréng Beweegung an d'Arena vun der Grondwäertediskussioun gestiermt. Déi Gréng Alternativ zu Lëtzebuerg hunn ënnert dem Afloss vun der starker tiersmondistescher Composante nach de Prinzip „solidaresch“ dobäigesat. Wat ass dann elo aus deenen idealistesche Glawensbekenntnisser no 25 Joer ginn?

**Grondprinzip basisdemokratesch**

E puer vu ville Froen wëll ech dozou an de Raum stellen.

Ass d'Basisdemokratie an der Nimbykratur versonk? Huet d'Rotatioun der Apparat-Schickeria Plaz gemaach? Sinn déi Lëtzebuerger Gréng mëttlerweil méi monarchistesch wéi d'UMP republikanesch? Ass d'Euthanasie-Initiativ de leschte Sursaut démocratique virun der palliativer Upassung?

Déi Gréng hu sech vun Ufank un als de verlängerte politeschen Aarm vun de Biergerinitiativen an den neie soziale Beweegungen verstanen. Am Laf vun deene 25 Joer hu sech d'Weeër vu Biergerinitiativen, ONGën an Nei Sozial Beweegungen logescherweis méi kloer differenzéiert. Mä vill AktivistInnen aus deene Beweegungen sinn natierlecherweis zu de Grénge gestouss, soudatt déi Aarbechtsdeelung informell nach ëmmer weider besteet.



Source: www.greng.lu

Anescht gesäit et mat der Basisdemokratie an de breede Volléksmassen aus: „Die ich rief, die Geister, werd' ich nun nicht los“. Et huet een den Androck, wéi wann de „Not in my backyard“ an den „Null Bock op Solidaritéit“ d'Iwwerhand am zivilen Engagement kréien.

Parkplazen, mä just fir sech selwer virun der eegener Dier, Mülldeponien, awer am léifsten am Ausland, Prisongen fir d'Sécherheet, mä nëmmen net a menger Gemeng, éischter zu Knapphouschent, Fixerstuffen an d'Industriezonen, etc. Duerfir awer méiglechst vill Shopping-Centren an der Ëmgéigend, fir nëmme keen neien Konsum-Nippes ze verpassen. Och vill gréng Responsabel an de Gemenge musse mat deem Phänomen eens ginn an et ass oft net einfach, de Glawen un d'Basisdemokratie ze behalen.

Intern demokratesch an transparent Strukturen waren ëmmer en Dada vun de Gréngen, genau sou wéi eng citoyenne Participatioun, déi iwwert Wahlgäng all fënnef oder sechs Joer erausgeet.

De Rotatiounsprinzip als ee vun den zentralen Elementer vun der breeder Participatioun vu Parteiaktiven un der oppositioneller Responsabilitéit ass no 1992 ofgeschaaft ginn. 1991 war schonns en éischten Untrag gescheitert, mä d'Argumenter waren aliichtend. Ënner anerem housch et deemols am Antrag Bausch/Huss: *„Zu 95% sind die MandatärInnen der Partei ihrem politischen Schicksal selbst überlassen. In der Regel ist das Interesse der Parteibasis sehr gering, um nicht zu sagen unexistent, gegenüber der Arbeit der Mandatäre. Eine wirkliche Kontrolle über deren Arbeit wird nur erreicht, wenn die Partei über eine effiziente Struktur verfügt, und wenn eine große Partizipation innerhalb der Parteiarbeit garantiert ist.“* (Antrag Huss/Bausch)

**Déi Gréng hu sech vun Ufank un als de verlängerte politeschen Aarm vun de Biergerinitiativen an den neie soziale Beweegungen verstanen.**

**De laange Marsch duerch d'Institutioune stung op der Dagesuerdnung vu ville Memberen vun der éischter Stonn.**

Eng Schwarz/Wäiss-Vue an der Saach vun der Rotatioun ass natierlech och hei schwéier. Ëmmerhin hunn d'Renée Wagener, Robert Garcia a vill kommunal VertriederInnen vun der automatescher Rotatioun profitéiert. Wéi se ofgeschaaft gouf, blouf deen een oder anere Rotatiounsfan halt nach e puer Joer als Hinterbänkler an den Ausdünstunge vum Chambers-Tapis-Plain sëtzen.

Déi heiteg strategesch Rotatioun, wou geziilt gutt an engagéiert Leit opgebaut ginn, fir da gutt virbereed a legitiméiert an d'Arena geschéckt ze ginn, ass natierlech wesentlech méi intelligent wéi eng Auswiesselbänk, déi dogmatesch ënner Damp gehale gëtt.

- Wéi ass et mat der Fro vun der Monarchie?

Beim Zitat aus dem Wahlprogramm 1984 misst ech de Grand-Duc Henri bieden, vläicht net onbedéngt nozelauschteren: *„Für die Abschaffung der Monarchie! Das Gegenteil der Basisdemokratie ist die Monarchie! Wir treten dafür ein, dass in einem Referendum das Luxemburger Volk entscheiden kann, ob es weiterhin an diesem Überbleibsel des Feudalismus festhalten will oder ob es die Republik wünscht. In einem derartigen Referendum treten wir für die Republik ein!"*

Och an dësem däregen Dossier, wéi se um Fernseh soen, hunn déi Gréng offensichtlech souvill entcarboniséiert Biekerecher Waasser an hire Vinho verde geschott, datt e schonns net méi vill spruddelt. Allerdéngs ass et och schwéier, géint e Grand-Duc virzegoen, dee sech meeschtens mindestens genau sou republikanesch verhält wéi z.B. franséisch Präsidenten sech imperial opféieren.

### Grondprinzip gewaltfräi

D'Friddensbeweegung vun den 70er an 80er Joren huet wesentlech méi zu der Schafung vun de grénge Parteien bäigedroen wéi der Rachel Carson hire „The Silent Spring" oder dem Club of Rome säin Nostradamus-Bericht Enn de 60er. Friddensbeseeltheit am Kontrast zum militäreschen Overkill war eng Corporate Identity vun de Gréngen als Alternativ zum Nato-Block vun den etabléierten Parteien. [...]

Wéineg nosiichteg muss een natierlech sinn, wa sech ehemoleg Friddensaktivisten all ze schnell an eng Antiterror-Psychose alulle loossen an zimlech liichtfäerdeg gewaltfräi Prinzipien am Schnellasaz a Krisegebidder ënnergoe loossen.

Am Fall Bosnien ass et der Fraktioun an der Chamber jo nach gelongen, sech net an déi allgeméng Krichshysterie rekrutéieren ze loossen. De Kosovo dogéint war e bëssche méi delikat. Do war et fir déi Lëtzebuerger Gréng méi schwéier wéi am Fall Bosnien der komplexer Situatioun um Terrain einfach Friddensmessagen unzebidden. An der Tëschenzäit haten nämlech déi däitsch Genossen, vun deene bis dohin alles bis zu der falscher Kommasetzung 1:1 kopéiert gi war, schonns de Stahlhelm opgesat an hu sech vun der amerikanescher Propaganda op de B52-Geschwader lackele gelooss.

Ech selwer war deemols Fraktiounspräsident a stong virun der kuokelecher Situatioun, ëffentlech Stellung ze huelen. En éischter traumatescht Erliefnis! Glécklecherwäis gouf net ofgestëmmt, mä déi Tatsach, datt sech Gréng er net méi reflexaarteg géint all Form vun Interventionismus opbruecht hunn, war fir munchereen schonns eppes wéi e Selbstmordattentat.

Am Réckbléck, a mat allen Elementer vun Desinformatioun an der Hand, muss ech zumindest haut zouginn, datt déi Positioun deemools e Fehler war. Allerdéngs fehle mer och d'empiresch Elementer fir ze soen, datt déi aner Positioun net nach méi e grousse Fehler gewiescht wier.

Woubäi ech schonns bei der neier „Grünzungenkrankheit" vum „Engersäits-anerersäits" ukomm wier a besser zum nächste Sujet iwwerginn.

### Grondprinzip sozial

Och wann den Daniel Cohn-Bendit vläicht seet, „oublions Mai 68", sou kann net geleegent ginn, datt déi éischt Generatioun vu Gréngen nach vill Sand un de Schung haten, deen ënnert dem Pavé vu Paräis verstoppt war an ass.

De laange Marsch duerch d'Institutioune stung op der Dagesuerdnung vu ville Memberen vun der éischter Stonn. Déi éischt Schnuppersëtzung 1982 fir d'„Gréng Alternativ Partei", deemools provisoresch „Grapa" genannt, ze grënnen, huet satirescherweis am Sëtzungszëmmer vum beschofleche Konvikt stattfonnt – als Seminaire iwwert „perspectives économiques du Luxembourg" getarnt. Deemools sot ee vun den ex-maoistesche Grënnungsmemberen: *„et ass jo awer kloer, datt mer obwuel mer gréng sinn, d'mëttelfristeg Ziil nach ëmmer de Sozialismus ass".*

A wéi laang sou e Marsch ka sinn, weist en Zitat vum Student Norbert Campagna, deen, ach, Philosophie studéiert huet, vum Abrëll 1985 am Gréngen Info: *„Die Marxsche Theorie ist die einzige konsequent humanistische ökonomische Theorie. (...) In dieser Richtung bleibt noch viel, wenn nicht sogar alles noch zu tun."*

Am Partei- oder Feierkrop-Jargon kéint ee soen, sorry fir den Interna-Slang: vum neo-marxistesche MéMé zum bockege grénge Mähmäh gouf et eng laang Transhumance vun der grénger Herd.

Och d'Gewerkschaftszeen huet Déi Gréng mat villen engagéierten Militanten- an Milionkels versuergt, déi der Butter & Kanonen-Politik vun de regierungstreie Gewerkschafte sat waren. An der Tëschenzäit ass een oder deen aneren zum Gewerkschaftsbonz avancéiert, mä eng gréng Gesënnung geet ni ganz verluer.

Déi Positioune vun deemools waren heiansdo höchst intressant. Ech picke fir haut just den Dauerbrenner Index eraus:

*„Wir fordern:*

- *eine einheitliche Index-Tranche von 1.500 Flux brutto für jeden bei jeder 2%igen Preissteigerungsrate,*
- *ab 120.000 Flux brutto Index-Stopp während 3 Jahren,*
- *die Artikel des Index-Warenkorbes müssen den reellen Verbrauchsgewohnheiten der großen Masse der Bevölkerung entsprechen."*

An der Tëschenzäit ass et natierlech schonns e bëssche méi schwéier ginn, am Land wou Mëllech an Hunneg fléissen, e sozialen Avantgarde-Touch ze behalen. [...]

Kuokelesch gëtt et dann awer och, wann d'gréng Sozialpolitik sech un der Privilegiepolitik d'Schofspatte verbrennt. D'Staatsbeamten an de ganzen Donschtkreess vun Assimiléierten repräsentéieren iwwert d'Halschent vum Elektorat zu Lëtzebuerg. Déi hunn eng staark Lobby, déi sech asetzt fir d'Privilegie vun deene Lëtzebuerger, déi mindestens siwe Jor laang mat Kachkéis gefiddert goufen, ze verdeedegen. Géint déi 67% Auslänner um Aarbechtsmaart, inklusiv 135 000 Wanderaarbechter aus de groussregionalen Homelands. A wann d'CGFP mam Siewel rasselt, da ginn och gréng Marathonsknéien op eemol zu Wackelpuddingen.

Och soss huet d'Realitéit heiansdo d'Utopië vun der GAP ageholl, z.B. an der Wunnéngspolitik. Ënnert dem soziologendäitschen Titel „Eigenheim und Ideologie" huet et am Wahlprogramm 1984 geheescht: *„Während materiell die Erwerber eines solchen Eigenheims oft für bis zu 20 Jahren finanziell gebunden sind, mucken sie in dieser Zeit kaum auf, da sie Angst haben, die Raten nicht mehr zahlen zu können. So werden sie zu willfährigen Untertanen und gehorsamen Lohnabhängigen. Wir glauben, dass es Alternativen zum Eigenheim gibt: das gemeinsame Bauen und Wohnen freier Individuen. Dazu aber ist auch eine Veränderung des gesamten Lebens- und Arbeitszusammenhanges notwendig: unser Ideal ist es, frei zu leben wie der Baum und solidarisch wie der Wald."*

Mat deene Sprëch hu sech déi Gréng Alternativ net brauchen ze wonneren, datt vill Wieler gegleeft hunn, si géingen d'Mënschheet zréck op d'Beem wëllen beamen, mat 50 à l'heure an 100 Frang de Liter Benzin.

Eent ass kloer: déi eenzeg, déi de Programmpunkt „Eigenheim und Ideologie" à la lettre geholl hunn, sinn déi successiv Wunnéngsbauministere bis bei den treie Weebegleeder iwwert déi 25 Joer, den Här Fernand Boden. Nämlech wéi se zougeloss hunn, datt de Wunnraum fir déi „gehorsam Lohnabhängeg" ëmmer méi onerschwénglech ginn ass.




Während däer Zäit hu sech vill Grénger an aner Mëttelschichtler hannert den Öko-Thujahecken vun hiren Datschaen verschanzt, oft an de wéineg IVL-conformen Trabantendierfer. [...]

## Huet eng ökologesch a sozial fortschtrëttlech Politik zu Lëtzebuerg iwwerhaapt e Sënn?

Mir si jo alleguerte frou, d'Chance ze hunn, am räichsten Land vun der Welt ze liewen, dat vu Villen als e Mued am Speck vun der internationaler Stategemeinschaft bezeechent gëtt.

„It's hard to be a Saint in the City", huet schons de Bruce Springsteen gesong, wat op Lëtzebuerg bezunn heescht, datt et schonns schwéier ass, der Welt prima Klimawaasser ze priedegen, wann ee selwer vum Tanktourismus a Steiergeld beschwippst ass. An duerfir säin Ökobio-Fairtrade-Slowfood an d'Ryanair-Vakanzen vu senge Pensionären ka mat der Portokasse bezuelen.

Ech mengen, datt den Enjeu vu Lëtzebuerg net nëmmen an der Aféierung vu villen Recyclingsdréckskëschten, Niddregenergiehäiser an Niddregflurtramme besteet. Mä virun allem an der Léi-

sung vun der sozialer, nationaler an ethnescher Kohäsioun. Dat soll engem schonns bal méi Suerge maachen wéi de Klimawandel, deen zwar och zu Lëtzebuerg, mä virun allem bei deenen nach méi décken Äisbieren op der Welt geléist ka ginn.

Ech wëll eng Kéier kuerz dat widderhuelen, wat ech hunn däerfen op der Conférence nationale des étrangers soen, ouni ermëlzt ze ginn. Ech soen dat vläicht op der zu Lëtzebuerg am meeschte benotzte Sprooch. Keng Panik, et ass net neess Portugiesesch.

*Est-ce que le Luxembourg est un Johannesburg de luxe?*

Je rappelle les chiffres approximatifs: nous avons une population résidentielle de 40% d'étrangers. Dans la ville de Luxembourg, ils représentent 63% de la population.

La population du marché du travail est à 68% étrangère: dans le secteur privé, 67% des travailleurs sont étrangers, dans la fonction publique et assimilée, on retrouve 20% des 33% de salariés luxembourgeois du marché du travail. Ainsi, pratiquement la majorité des salariés luxembourgeois travaillent dans la fonction publique ou dans des secteurs assimilés.

De nuit, on retrouve au Luxembourg une population composée à 60% d'autochtones et donc d'électeurs. De jour, la proportion de cette population autochtone et électrice tombe en dessous de 50%. Donc, dans la vie publique de jour au Luxembourg, il y a plus de 50% de la population qui est allochtone. Dans la ville de Luxembourg, ce contraste est encore plus marqué puisque la probabilité de rencontrer dans les rues de la ville de jour des vrais «Luxos» de souche est à peu près de 15 à 20%. D'où l'interrogation provocatrice: «Est-ce que le Luxembourg est un Johannesburg de luxe?» peut pour le moins être discutée.

La masse travailleuse des homelands est acheminée chaque jour via bouchons d'autoroutes et trains surchargés pour être renvoyée le soir via bouchons d'autoroutes et trains surchargés à son foyer. L'impôt payé sur le salaire sera investi dans les infrastructures luxembourgeoises. Cet impôt manque dans la Grande Région pour pourvoir à des infrastructures décentes pour les collectivités locales. Cet investissement se fera sans que ces citoyens puissent décider d'une façon ou d'une autre de l'affectation de cet impôt.

On pourrait être amené à faire une comparaison, toutes proportions gardées, avec l'ancien système de Johannesburg et ses homelands. Il faut évidemment nuancer: au moins, les conditions de travail et de rémunération ne peuvent être comparées au système des deux classes qu'on avait lors de l'apartheid, même si les frontaliers et les étrangers ne bénéficient que très peu de la sécurité de l'emploi dans la fonction publique et assimilés. [...]

Est-ce que la citoyenneté s'exerce la nuit ou en fin de semaine par une population résidente et via deux devoirs électoraux tous les six ans pour les autochtones? Ou est-ce que c'est dans la vie publique quotidienne que la vie citoyenne se passe, de jour sur le lieu de travail, dans l'espace public, dans les espaces de loisirs et de culture? Rassurez-vous, je n'irai pas jusqu'à revendiquer le droit de vote aux actifs de jour, soit aux frontaliers et aux touristes.

Néanmoins, je pense qu'il faudra imaginer des mécanismes participatifs entre les citoyens autochtones omnipotents, qui mettent «Roude Léif, ech sinn dofir!» sur leurs voitures tout terrain et la masse silencieuse d'agneaux frontaliers et résidents étrangers qui continuent d'accumuler des frustrations malsaines.

Souwäit e kléngen „Unconvenient Truth", wat d'Marge de manœuvre vun enger grénger Sozialpolitik zu Lëtzebuerg ugeet. Ech sinn duerfir weiderhin extrem zefridden, datt säit hirer Grënnung, déi Gréng d'Froe Multikulti, Droit de vote, Duebel Nationalitéit, etc., weiderhin als Prioritéit thematiséieren, och wann dat gewësse potentielle Zweetstëmmewieler kéint irritéieren.

Soulaang déi gréng KollegInnen de Multikulti-Fändel géint de Kachkéis- a Gaardebounen-Reflex vun de Populisten an der Riicht halen, kann e grénge Pensionär frou sinn. Woubäi ëmmer erëm widderholl muss ginn, datt de Kachkéis an de Judd mat Gaardebounen aus Spuenien stamen.

**[...] amplaz no alle Säiten op ze sinn, waarde mer éischter of, op wéi eng Veloen an Trammen déi jeweils Zorroen oder déi verschidden Ampelmännercher bereet sinn, opzesprangen.**

## Gëtt et Nohaltegkeet no enger europäescher Kréinung vum Jean-Claude Juncker?

Zu der Geschicht an der Zukunft vun de Gréngen gehéieren awer net nëmmen d'philosophesch Originalitéit an evolutiv Grondprinzipien, mä och a virun allem Realpolitik. Et ass jo 5 fir 12 virun de nächste Wahlen, an duerfir wëll ech um Schluss nach e klénge Retour vun der historescher Wollek op de schlammejen Terrain vun der Politique politicienne landen. Trotz alle philosopheschen Exkursen ass een natierlech als Normalbierger a -verbraucher intresséiert, wat dann elo an engem Joer wäert passéieren.

- Wéi steet dann elo mat der Chronik vum ugekënnegten Honeymoon vun de Gréngen mat der CSV?

Mir waren jo bal all Massendénger, an duerfir hu mir als Deputéierten oft rout Bake kritt, wann de Premier Juncker mat engem halwe rietse Clin d'œil geméngt huet, net grad alles, wat Déi Gréng verzapen, wier ëmmer an iwwerall grénge Kabes.

Et ass esouguer, ënner anerem am Kabarett, gesot ginn, mir géingen, entschëllegt den Ausdrock, der CSV irgendwou hin erakrauchen… ech erspuere mer Detailer.

Vläicht mengen vill Grénger zu Recht oder zu Onrecht, déi ethesch Stréimung an der CSV-Kappell wier à la limite méi reformfreedeg am ökologesche Beräich wéi liberal a sozialistesch Koalitiounspartner. Déi musse jo no hirer Clientèle kucken: de Proletarier, dee se duerch den illimitéierten Autoverkéier vum Joch vum Patronat befreit hunn. Oder dei Share Value Holders, déi vläicht e grénge Punkt, awer alles wéi keng Decroissance akzeptéieren.

Ech muss mech do och bei der schwaarzer Nues huelen. Schliisslech war et meng Iddi, datt eng schwaarz ONG-Aktivistin fir Déi Gréng an de Staatsrot recuperéiert géing ginn, déi elo eifreg Petitioune géint gréng-rout Stierfhëllef sammelt. Mä soit, d'Contradictioune maachen d'gesellschaftlecht Liewen intressant.

Gesäit et also esou aus, datt mer als Gréng éischter schunkelnd an am Chouer Credoe sangend, engem kléngen lénke Säitewand trotzend, an den Hamburger Hafen undocken? Oder rappe mir ons léiwer am Slalom duerch Ampelkoalitiounen d'Knéien op?

Mä opgepasst: näischt ass ni giess mat de grénge Gourmeten. An duerfir gesäit et no den terminalen Diskussiounen iwwert d'Fräiheet, sou ze stierwe wéi ee wëllt, op eemol esou aus wéi wann déi nei Agenda géing heeschen: Stierfhëllef fir de schwaarz-grénge Block a gréng Luucht fir eng historesch Ampel?

An där Matière fannen ech d'Gréngzongekrankheet nach ëmmer gutt, déi elo emol seet: amplaz no alle Säiten op ze sinn, waarde mer éischter of, op wéi eng Veloen an Trammen déi jeweils Zorroen oder déi verschidden Ampelmännercher bereet sinn, opzesprangen. Da kann een ëmmer nach den éischte Gank oder de Réckgank aleeën. An d'Verantwortung vun der Regierung oder an der Responsabilité limitée vun der Oppositioun, oder ëmgekéiert… [...]

